


Uschlag op d'Veerschlësslung

m! by Moien Redaktioun on 16/11/2020

f Op Facebook deelen
Op Twitter deelen
Newsletter abonnieren



CHAOS COMPUTER CLUB LETZEBUERG

Den 8. November hunn d'Journaliste vum öffentlich-rechtliche Sender [FM4 aus Éisträich](#) an engem Artikel drop opmierksam gemaach, datt den EU-Ministerrot un enger neier Resolutioun schafft, déi nawell vill Froen a Kritik opwerft.

Nëmme 5 Deeg no deenen uergen Terroruschléi zu Wien, wëll een elo [d'Enn-zu-Enn Verschlësslung souzesoen ofschaffen](#) an dëst esou séier wéi méiglech an och nach hannert zouen Dieren. Domadder wier et ent méi méiglech, verschlësselt mateneen ze kommunizéieren, ouni Gefor ze lafen, datt eng aner Persoun matliest.

Esou sollen d'Hiersteller vu bekannten Appe wéi Whatsapp, Signal, Telegram & Co eng Hannerdier abauen, domat Geheimdëngschter Zougrëff op Chats kënnen kréien. Dacks gouf scho probéiert dëst ëmzesetzen, mee bis ewell ouni Succès.

Begrënnt gëtt d'Noutwennegkeet vun esou Moosname jee no populisteschem Gusto – politeschen Extremismus, Terrorismus oder Kannerpornographie. Well aus dem Populismus och emol reell Veruerdnungen a Gesetzer kënnen ginn, ass et ëm esou méi wichteg, datt d'Zivilgesellschaft esou wéi och d'Wirtschaft, kloer Positioun bezéien a Widerstand leeschten.

Mir vum [Chaos Computer Club Letzebuerg](#) (C3L) sinn zu déifst beonrouegt iwwert dës Norichten a maachen eis enorm Gedanken a wat fir eng Richtung mir histeieren. Op alle Fall wäerte mir dësem politesche, Geplänkels net einfach esou nokucken. [Crypto-Wars](#) goufen et schonn dacks ass bis elo huet d'Zivilgesellschaft déi nach all gewonnen. Mir bleiwen eise Wäerter trei a setzen eis dofir an, datt dat och esou bleift.

Dowéinst fuerdere mir d'EU an hir Memberstaaten mat Nodrock dozou op:

- all d'Pläng zur Schwächung vun Informatiounssécherheetsmoosnamen, wéi d'Enn-zu-Enn Verschlësslung opzeginn;
- Entrepen net an d'Flicht ze huelen, ee „Screening“ vun de Message virun der Verschlësslung duerchzeféieren oder aner Sécherheetslücken an hir Systemer ze implementéieren;
- bei zukünftigen Debatten, wou et sech ëm d'Thema „Verschlësslung“ dréint, och d'Mënscherechtsorganisatiounen, Experten am Beräich digital Rechter, an aner Acteure vun der Zivilgesellschaft anzebannen,

„Ech wëll net an enger Welt liewen, wou alles wat ech soen, alles wat ech maachen, jidderee mat deem ech schwätzen, wou all Ausdrock vu Kreativitéit oder Léift oder Frëndschaft opgeholl gëtt“, Edward Snowden

Matgedeelt vum Chaos Computer Club Letzebuerg

RELATED TOPICS [C3L](#), [Chaos Computer Club Letzebuerg](#), [Digitaliséierung](#), [Grondrechter](#), [Informatik](#), [Verschlësslung](#)

< NEXT POST
PREVIOUS POST >

Tags

[Brexit](#)
[CGDIS](#)
[Chamber](#)
[Chamberwahlen 2018](#)
[Chantier](#)
[China](#)
[Claude Meisch](#)
[Concert](#)
[Coronavirus](#)
[Covid-19](#)
[Covid19](#)
[CSV](#)
[Donald Trump](#)
[Däitschland](#)
[dél gréng](#)
[dél léik](#)
[Emmanuel Macron](#)
[Esch-Uelzecht](#)
[EU](#)
[EU-Kommissioun](#)
[Europa](#)
[Frankräich](#)
[François Bausch](#)
[Gesondheet](#)
[Groussbritannien](#)
[Iran](#)
[Jean Asselborn](#)
[Klimawandel](#)
[Konscht](#)
[Kultur](#)
[LCGB](#)
[Literatur](#)
[Lëtzebuerg](#)
[Musék](#)
[OGBL](#)
[Pandemie](#)
[Police](#)
[Quiz](#)
[Regierung](#)
[Russland](#)
[Stad Lëtzebuerg](#)
[Tierkei](#)
[USA](#)
[What the Fakt](#)
[Xavier Bettel](#)

Gefält dir moien.lu?
Abonnéier dech op eisen Newsletter

Deng E-Mail

Elo abonnieren!

Moien.lu

[Kontakt](#)
[Annonceur op moien.lu ginn!](#)
[moien.lu Newsbot](#)
[Impressum](#)
[Dateschutz](#)